N°4441
Entrée le 14.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4441 vum 13. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo.

*Goufen an dësem Kontext d'Läschfligere vun der Cargolux oder vun enger vun hire Filiale sollicitéiert?*

*Wou sinn dës kleng an efficace Fligere säit hirer Uschafung agesat ginn?*

*Goufen se gegeebenefalls och schonn zu Lëtzebuerg agesat ?*

Op Nofro bei der Cargolux kann ech follgend Informatioune liwweren:

D'Cargolux huet zënter 2024 via hier Filial "Aquarius Aerial Fire fighting sàrl (AFF)" eng Flott vu Läschfliger vum Model "Air Tractor AT-802F Fire Boss" opgebaut.

Des Fliger goufen zenterhier a Spuenien (2024) an an der Türkei  (vun 2025 un bis 2027) agesat, op Basis vun annuellen oder pluriannuelle Kontrakter mat de jeeweilegen Autoritéiten. Des Kontrakter ginn am Virfeld mat de lokalen Autoritéite verhandelt an ofgeschloss, fir dass fir den Ufank vun der Summersaison d'Fliger an d'Crew operationell kënne sinn.

Wéinst den aussergewéinlech intensive Bëschfeieren am Juli an Deeler vu Frankräich, ass op Demande vun der Lëtzebuerger Regierung och ee Fliger vun AFF dem CGDIS zur Verfügung gestallt ginn fir op der Plaatz d'Läschaarbechten ze ënnerstëtzen. Dëse Fliger ass wärend enger Woch Enn Juli an der Gironde agesat ginn. Zousätzlech sinn och zwee weider Fliger vun AFF, déi an der Tierkei ënner Kontrakt stinn, vun den tierkeschen Autoritéiten a Frankräich geschéckt ginn, fir hei wärend enger Woch an den Asaz ze kommen.

Des Fliger sinn aktuell net zu Lëtzebuerg operationell agesat ginn.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes